N° 8328
Entrée le 18.10.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 8328 vum 19. September 2023 vum Här Deputéierten Paul Galles.**

Den éirewäerten Deputéierten werft de Sujet Mobibus op wou et zejoert eng Parti Komplikatiounen gouf, déi ënner anerem duerch d'Zentralisatioun an d'Digitalisation vun der Gestioun vun desen Transporter entstaane sinn.

Déi betraffen Software gouf komplett iwwerschafft. Am Summer 2023 goufen d'Daten an en neien Environnement iwwerdroen, zanterhier gëtt mat deem geplangt a gefuer.

- ***Sinn dem Minister déi genannten Tëschefäll vum 15. September 2023 bekannt?***

Ewéi bei all Rentrée säit et iwwerhaapt e spezifeschen Transport fir Kanner mat enger Beanträchtegung gëtt, koum et och bei dëser Rentrée zu verschiddenen Tëschefäll. Déi gi ménge Servicer och zougedroen, entweder vun de betraffene Kompetenzzentren wéi och vun Busfirmen.

Ech weisen drop hinn dass de Mobibus am August schon, also virun der Rentrée, mat der neier Software fonctionnéiert huet. Am Summer fonctionnéieren jo d'Ateliers protégés an aner Strukturen, déi keng Vakanz hunn, an dest huet ouni nennenswäert Tëschefäll geklappt. Dat weist drop hinn dass d'Ufuerderungen am Schoulberäich wesentlech méi héich sinn ewéi am professionnellen oder therapeutesche Beräich.

- ***Sinn dem Minister rezent nach weider Mëssstänn beim Mobibus zougedroe ginn? Wa jo, wéi enger Natur sinn dës?***

Di meescht Messstänn kommen aus dem Beräich fir an d'Kompetenzzentren, manner fir an di aner Strukturen.

A vereenzelte Bussen waren net iwwerall déi richteg Fixatiounsgurten. Uersaach: Bei der Migratioun vun den Daten waren net direkt all Elementer eriwwergedroen ginn, dëse Problem gouf awer direkt mat den néidegen Zousazinformatiounen un d'Busbetriber behuewen. Verschiddentlech koum et trotzdem nach zu Onstëmmegkeeten déi awer éischter op mënschlech Inadvertancen zréckzeféiere sinn.

Verspéidungen goufen och gemellt, mee och déi tauchen bei all Rentrée op. D'Uersaachen sinn ënnerschiddlech (Verkéier, ze laang Trajeten, mënschlech Feeler) an d'Léisungen musse jee no Uersaach ëmgesat ginn.

Verschidde Famillje kloen och iwwer ze laang Trajeten fir e Kand, oder dass hiert Kand ze fréi ofgeholl gëtt; anerer fannen hiert Kand géif ze spéit ofgeholl ginn wëll se wëlle schaffe fueren. Bei engem kollektiven Transport deen nach un esouvill aner Contrainten gebonnen ass kritt een dat schwéier ënnert en Hutt.

- ***Sinn d'Probleemer mat der neier Software vum Mobibus entre-temps behuewen?***

Jo.

Wéi schon erwähnt sinn déi méi regelméisseg Faarten virun der Rentrée gutt gelaf. Wann et elo nach Problemer ginn, da läit dat net un der Software, mee dorunner, dass een eigentlech regelméissegen Schoultransport engersäits mat engem garantéierten a stabelen Horaire soll fueren, an anerersäits, ëmmer méi op Mooss soll fonctionnéieren an eng grouss Flexibilitéit a Reaktivitéit bidden. Dat ass en enormen Challenge, wäll deem enge Schüler séng Flexibilitéit kann op engem anere Schüler séng Käschte goen.

Ech erënneren drun, dass:

- am Gesetz vum 20. Juli 2018 iwwer d'Kompetenzzentren rieds geet vun engen „transport scolaire" deen ze assuréieren wier, ouni wieder Prezisiuonen wat dat bedeit an deemno Interpretatiounsspillraum léisst,
- am de Mobibus laut Gesetz vum 5. Februar 2021 iwwer den ëffentlechen Transport ënnert d'Definitioun vun engem Service „régulier", „spécialisé" a „spécifique" fällt an net ënner en Service „à la demande",
- am Gesetzesprojet 8005 iwwer d'Spezialtransporter déi betraffe Schüler sollen esou en „service de transports spécifiques réguliers spécialisés" zegutt hunn.
- ***Wéi gesäit den Outcome vum neie Centre de compétence aus?***

Et ass net ersichtlech wéi ee Centre a wat mat Outcome gemengt ass.

- ***Ass d'Penurie u Chauffeure bei Mobibus behuewe ginn?***

Neen. D'Ressourcen wat souwuel Chaufferen ewéi och Minibussen ugeet sinn un hiren Limitten ukomm. Dat féiert elo schon zu punktuelle Problemer. Nach ganz rezent, Ufank Oktober, huet eng Busfirma ugekënnegt datt se fir den Dag drop mussen 2 Tier zesummenleeën wäll fir deen Dag net genuch Chaufferen disponibel waren.

- ***Wat gedenkt d'Regierung kuerz-, mëttel-, a laangfristeg z'ënnerhuele fir ee méi sécheren an zouverlässege Mobibustransport ze garantéieren?***

Déi Fro muss sech déi zukünfteg nei Regierung stellen.

A méngen Aen schéngt et mir onerlässlech:

- sech iwwer méi prezis Krittären a Regele Gedanken ze maachen,
- wéivill Flexibilitéit en zentral organiséierten Transport iwwerhaapt kann zouverlässeg bidden,
- a wéi engen Délai'en Ännerungen vu geplangte Buslinnen kënnen ëmgesat ginn,
- wéi eng Moyenën een dofir brauch (Leit bei den diversen Entitéiten, Logicielen, Bussen a Chaufferen).

Och sollt een iwwer eng dezentraliséiert Organisatioun nodenken, esou wéi dat am Ausland oft üblech ass, falls iwwerhaapt en Transport zur Verfügung gestallt gëtt. Do ginn et Beispiller wou deen zB vun de Behindertenwerkstätten oder Förderschulen organiséiert gëtt, an net esou en zentral organiséierten Transport ewéi zu Lëtzebuerg. De Virdeel dovunner ass dass d'Centren vill besser wëssen wat d'Bedürfnisser vun de betraffene Persoune sinn.

Lëtzebuerg, den 18. Oktober 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch